N° 8248
Entrée le 22.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 8248 vum 22. August 2023 vun den honorabelen Députéierten Léon Gloden an Laurent Mosar**

Ad 1.):
Virop muss hei präziséiert ginn, dass de Police op der Gare keng eegestänneg Entitéit ass an dofir kann déi Entitéit ni "onofhängeg" a „voll operationell" sinn. Et ass e sous-ensemble vum C3R Lëtzebuerg um Verluerekascht (Commissariat à trois roulements), wat bedeit, dass den zB. de Chef d'unité vun deem C3R Lëtzebuerg och de Chef d'unité vun där Grupp op der Gare ass.

De Grupp Gare zielt 32 Memberen: 30 Polizisten an 2 Beamtinnen aus dem Zivilkader (Stand 01.09.2023). Des Zuel ka variéiere, well des Agenten ob Schichten agedeelt sinn an dass et ëmmer kann zu Krankmeldunge kommen, esou wéi dat bei all Police-Unitéit de Fall ass.

Aktuell ginn et effektiv bei der Entitéit Gare 4 imprevisibel Ausfäll, déi warscheinlech längerfristeg sinn, mee déi awer am gaange sinn duerch eng *note d'appel aux candidatures* kompenséiert ze ginn.

Et muss op dëser Platz rappelléiert ginn, dass d'Police national an homogen organiséiert ass. Dank dëser Organisatioun si primär Interventiounen a proaktiv Missiounen assuréiert, wei de Service um Bierger (besonnesch a sensibelen Zonen), an dat och am Fall vun engem plëtzlechen Ausfall vu 4 Agenten an engem sous-ensemble.

Et gëtt eng staark Zesummenaarbecht um operationellen Niveau mat weidere Kommissariater aus der Regioun Capitale an der Unité de garde et d'appui opérationnel (UGAO), wouduerch déi aktuell Ausfäll an der Zone kompenséiert sinn.

Ad 2.):
Krankmeldunge kommen op sämtlechen Unitéiten a Servicer vir.
Déi betraffe Kommissariater si gréisstendeels voll funktiounsfäeg. Wann dat ausnamsweis mol net de Fall war, wéi zum Beispill wärend der Covid-19 Pandemie, dann huet d'Police déi néideg Mesure geholl fir trotzdeem hiren Aufgaben nozekommen.
Informatiounen zu den Ursaache vu Krankmeldunge ginn net un de Policeminister weider geleet.

Ad 3.):
Aktuell ass et fir de Fonctionnement net noutwenneg a net geplangt fir déi Poliziste vum Grupp Gare (C3R Lëtzebuerg) ob déi aner Gruppen ze transferéieren oder dëse Grupp anescht ze organiséieren. Et kann allerdéngs sinn, dass Beamten aus aarbechtsrechtlechen/medezineschen Grënn mussen ob aner Unitéiten transferéiert ginn. Dës ginn dann erëm ersat. Dat gëllt prinzipiell fir all operationell Unitéit an der Police.

Generell sinn Transferte méiglech an d'Grënn heifir kënne ganz verschidde sinn. All Fäll ginn eenzelt analyséiert. Sou ass beispillsweis ee Wiessel am Kader vum Artikel 6 vum Staatsbeamtestatut denkbar, sief et op perséinleche Wonsch vum betraffene Polizist oder op Basis vum Intérêt de service. Dës Weidere kann eng eventuell Inaptitude laut Artikel 32 vum Staatsbeamtestatut zum Droe kommen, falls d'Gesondheet vun engem Beamten a Gefor ass.

Lëtzebuerg, den 22. September 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX